PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

En Artikel vum Lëtzebuerger Wort aus dem Joer 2019 thematiséiert den Ofbau vun de Luuchtepottoen op verschidden Autobunnen - dorënner ee Segment op der A13 tëschent dem Tunnel Aessen an dem Tunnel Eihleréng, wou ob engem ronn zwee Kilometer langen Ofschnëtt d'Luuchtepottoen ewechgemaach goufen. Och ob der A1 gouf d'Beliichtung op enger Streck vu baal 5 Kilometer tëschent dem Tunnel Houwald a Sandweiler demontéiert. D'Moosnam gouf geholl mam Argument, dass d'Beliichtung vereelzt gewiescht wier an d'Ersatzdeeler net méi produzéiert goufen. Gleichzäiteg sollt duerch dës Moossnam d'Liichtverschmotzung reduzéiert ginn an och Energie gespuert ginn.

Et ass net déi eischte Kéier, dass esou Aarbechten ënnerholl goufen. Schon 2014 goufen ob der A6 an der A13 ronn 600 Beliichtungsmasten demontéiert, och obgrond vun hirem Alter.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Luuchtepottoe goufen, säit Amtsuntrëtt vum Minister am Joer 2013, op den Autobunnen demontéiere geloos?

2. Wéi vill Kilometer Autobunn sinn doduerch net méi beliicht ?

3. Ass an Zukunft virgesinn, op weideren Autobunnssegmenter d'Luuchtepotoen ewechzehuelen?

4. Wéi vill KWh pro Joer zousätzlech Aspuerungen goufen duerch d'Ofmontéirung vun de Luuchtepottoen säit Amstuntrëtt vum Minister enregistréiert?
   Ob wéi vill Euro belaafe sech dës järlech Aspuerungen?

5. Ob wéi vill KWh schätzt den Energieminister de Verbrauch vun der gesamter Infrastruktur vun der ëffentlecher Beliichtung?

6. Goufen Etude gemaach, fir ze ermëttelen, ob d'Reduzéierung vun der Liichtverschmotzung an der Ëmgéigend vun de concernéierten Autobunnen e positiven Effekt op d'Awunner an/oder op d'Déierewelt hat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député